# 23.01.1989 : 5. Generalversammlung

Fir d'éischte Kéier hu mer eis Generalversammlung net op e Sonndegnomëtteg ofgehalen, mee méindes owes. Deem ze verdanken (héchstwahrscheinlech) hate mer dann och, dass net grad esou vill Leit nolauschtere komm sinn.

Am Ganzen ware mer zu enger 45. Ënnert hinnen war de Buergermeeschter Roby Schmit, d'Gemengeréit Annette Faber, Edy Steffen, Stark Macelly, de Paschtouer Aloyse Bellwald.

Als Resumee hei de Rapport, dee mir an der Press ofdrécke gelooss hunn :

## « Wiisser Leit »

De President Gérard Hein konnt bei der Generalversammlung de Buergermeeschter Roby Schmit, d'Gemengeréit Annette Faber-Berger, Marcelly Stark-Schmit an Edy Steffen, den Här Paschtouer Aloyse Bellwald, de Josy Risch, President vum SI zu Munneréf, an eng Rei Awunner vun Altwis an Emgéigend begréissen. Hien huet all deene merci gesot, déi am Laf vum leschte Joer d' « Wiisser Leit » ënnerstëtzt hunn.

En ausféierlech Bilan iwwert d'Aktivitéite vum Joer 1988 huet de Sekretär Fernand Tremuth gemat. Net amnner wéi 150 Memberskaarte konnte un d'A-wunner vun Altwis verkaaft ginn. Bei der schon traditioneller Blummenaktioun konnte 5% méi Blumme verkaaft ginn wéi 1987. Opstelle vu Blummebacen, Planzaktioune mat de Schoul-kanner an de Gemengenaar-bechter, eng Konferenz iwwert de Bio-Gaart, e vegetaresche Kachcours, en Duerffest, e Grill-fest, zwéin Trëppeltier, eng Kleesechersfeier, d'Éirung vun deenen Eelsten aus dem Duerf, dräi Theaterowender mam Stéck « D'Jonggesellesteier » vum Francine Hermes, den neien Duerfkäer an d'Sécherheet an der Munneréferstrooss waren a-ner Punkten vum Aktivitéits-rapport.

De Caissier René Putz huet dunn de Bilan gemat iwwert d'finan-ziell Lag vum Veräin, déi als ganz gesond ugesi ka ginn. D'Caisse-revisoren Fred Barthels a Guy Majerus haten dem Caissier seng Bicher iwwerpréift an hunn him seng Konten bestätegt.

Bei der Deelerneierung vum Co-mité gouf de Saksida Nico nei an de Comité opgeholl.

Als e ganz wichtege Punkt vum Programm '89, dee vum Sekretär virgedroe gouf, ass e Quiz iwwer Altwis an de Méint Februar a Mäerz virgesinn, bei deem ee mat e bësschen Wëssen iwwert Altwis a mat vill Chance schéi Geldpräisser ka gewannen (1. Präiss : 15.000.- Frang). Geplangt sinn awer och erëm d'Blummen-aktioun, den Trëppeltour vum 1. Mee (dëst Joer mat engem Iessen), den Trëppeltoureltour am Hierscht, den Theater Ufanks Wanter, d'Duerffest de 4. Juni, d'Opriichte vun engem zweete Greeffkräiz om Dierbelt, d'Res-tauratioun vun der Kräizkapell op der Lothrénger Säit an e Con-veniat vun de Joergäng 1945-1955.

De Buergermeeschter Roby Schmit huet de « Wiisser Leit » merci gesot fir all Aarbecht, déi geleescht gouf, en huet si encouragéiert, op deem Wee weiderzefueren, deen si age-schloen hunn. Hien huet hinnen och d'Ënnerstëtzung vun der Ge-meng fir hier Projetën zougesot.

De Veräin huet alle Gäscht en Éirewäin offréiert, éier d'Aktivitéiten vun 1988 nach eng Kéier am kuerze Resumee op Diaë virgefouert goufen.

1989 setzt de Comité vun de « Wiisser Leit » sech esou zesummen : President Gérard Hein, Vizepresident Jos. Braun, Sekretär Fernand Tremuth, Caissier René Putz, membren Jean berscheid, Romain Frantz, Patrick Hermes, Michel Maeder, Marco Putz, Michel Raguet, Jean-Paul Renckens, Catherine Roger, Nico Saksida, Jeff Schmit, Marlène Schmit, Marcelly Stark, Diane Steichen, Arsène Wies, René Zambon, Gilbert Zepp.

## Bilan vun der Caisse

| | |
|---|---|
| 20.02.1988 | +246.754.- F |
| Blummenaktioun | -31.336.- F |
| Duerffest | +61.196.- F |
| Theater | +73.730.- F |
| Memberskaarten | +34.160.- F |
| Don | +1.500.- F |
| Zënsen | +3.000.- F |
| Trëppeltour | -1.978.- F |
| Assurances | -3.596.- F |
| Timberen + Drécksaachen | -10.995.- F |
| Fir Membren | -47.970.- F |
| Material | -15.129.- F |
| Verschiddenes | -9.434.- F |
| 18.01.1989 | 300.033.- F |
| Boni 1988 | 53.279.- F |